



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

REÇU

Par Christine Wirtgen , 15:55, 01/04/2021

A

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le **01 AVR. 2021**

Objet : Question parlementaire n°3774 du 4 mars 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet des données statistiques concernant les délinquants

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri Kox

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Henri Kox à la question parlementaire n°3774
du 4 mars 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet des données statistiques concernant les
délinquants**

Ad questions n°1

Selbstverständlech kann d'Police d'Aussoe vun den Acteure vum Terrain confirméieren, dass d'Nationalitéit vun de "personnes susceptibles d'avoir participé à une infraction" erfasst gëtt. Dat geschitt zur selwechter Zäit wéi d'Donnéeë vun der Identitéit vun dese Persounen saiséiert gëtt, dést am Kader vun der Procédure judiciaire, an ass absolut noutwendeg an deem Kader. Allerdéngs gëtt dat net generell statistesch ausgewäert.

Ad question n°2

Et ass der Police net bekannt, dass et detailléiert Statistiken iwwert all eenzel Nationalitéite sollen gi sinn vun de "personnes susceptibles d'avoir participé à une infraction".

Ad question n°3

Et ass der Police net bekannt, dass detailléiert Statistiken iwwert de Wunnsätz (Gemeng, Land) vun de "personnes susceptibles d'avoir participé à une infraction" solle gefouert gi sinn.

Ad question n°4

Et ginn eng ganz Rei Argumenter déi erklären, dass esou eng Statistik net aussokräfteg ass. Et ginn vill klenger Infraktiouenen, wou keen Täter erméttelt gëtt, an et ginn "personnes susceptibles d'avoir participé à une infraction", bei deene keng Nationalitéit ka festgestallt ginn. Aner Leit hunn eng duebel Nationalitéit. Och mécht et e groussen Ënnerscheed, fir wéi eng Zort Infraktiouenen ee verdächtegt gëtt, z.B. Cambriolages oder Injures bei engem Noperschaftssträit. An da gëtt et nach d'Préemption d'innocence, déi soulaang bestoe bleift, bis ee rechtskräfteg verurteelt ass.

Ad question n°5

D'Auswäerte vun Date muss och proportionéiert a relevant sinn. Béides schéngt ons hei net gewäerleescht ze sinn, an och keng Plus-value an der Kriminalitéitsbekämpfung ze bréngen.

Ad question n°6 et n°7

Cf. Äntwerten op d'Froen 4 an 5

Ad question n°8

Sou wéi aus der ganzer Äntwert op déi vum honorabelen Deputéierte gestallte Fro vum Januar vun dësem Joer erauszeliessen ass, hunn d'Resultater aus Enquête betreffend d'Drogekriminalitéit op der Stater Gare erginn, dass an deem spezifische Kontext vill vun den Drogeverkeefer, déi do protokolléiert goufen, a Frankräich ugemellt sinn. Dat sinn objektiv generell Faiten, déi dee Moment vun den zoustännege Justizia Police-Autoritéiten am Kader vun den eenzèle Reunioune betreffend de Comité de prévention local vun der Gemeng Lëtzebuerg ugeschwat goufen.

Ad question n°9

Cf. Äntwerten op d'Froen 4 an 5

Ad question n°10

Eise Servicer ass esou e Vertrag oder esou eng Étude net bekannt.